



Governance & Strategy

Governance & Strategie si vun entscheidender Bedeutung fir eng nohalteg Entwécklung an effizient Steuerung vun Organisatiounen, ob dat op interner Basis vun der Firma oder op nationaler oder internationaler Basis ass. Governance & Strategie ëmfaassen e breede Kader, deen d'Struktur, Prozesser, Richtlinnen a Verantwortlechkeete fir d'huele vun Entscheidungen a fir d'Allokatioun vu Ressourcen an Organisatioune reegelt. Een effizient Governance-System fuerdert d'Transparenz, d'Responsabilitéit, d'Partizipatioun an d'Integritéit, wouduerch d'Vertraue vun de Stakeholder gestärkt an d'Potential fir nohaltege Wuesstem erop ginn.

D'Aufgab vu Governance-Strukturen ass et, dat reiwungsløost Funktionéieren vun enger Organisatioun sécherzestellen an hiert laangfristegt Iwwerliewen ze garantéieren. E gudde Governance-System bitt kloer Richtlinnen a Mechanismen, fir sécherzestellen, dass all Bedeelegten sech senge Verantwortlechkeete bewusst gëtt an zesummen un de festgeluechten Ziler schafft. Et hëlleft och Risiken ze miniméieren a Feelverhalten ze verhënneren an deem ee kloer Prozesser fir d'huele vun Entscheidungen, d'Iwwerwachung vun der Leeschtung an d'Léisunge vu Konflikter festleet.

Genau sou wichteg ass et Strategie vun der Firma auszeschaffen an dës däitlech ze beschreiwen. Dëst erlaabt all eenzelen Interesséierten aus enger Firma hier Energie geziilt unzewenden. An Zäite vu permanentem Wandel dëngt se als Orientatioun an Anker. Mir bei Traxxion beschreiwen dat als „Vector your company.“

Mir begleeden Iech bei dësen Themen. Dozou gehéieren Ausféierung vu Workshops fir d'Definitioun vun der Strategie, d'Schafe vu passende Strukturen, aktiv Bedeelegung a Firmengremien an d'„Coaching“ vun Ärem Management. Duerch den Asaz vun definéierten Aarbechtmethoden an Tools beschreiw mir Är Strategie an déi néideg Projete fir se ëmzesetzen. Mir begleeden Iech och bei der Kommunikatioun an der aktiver Ëmsetzung vun ärer Strategie. Dat wichtegst Element fir d'Ëmsetzung ass een effikasse Projekt Management, well nëmmen esou kann eng richtig Plus-value geschaaft ginn.

Eis Equipe huet eng laangjäreg a signifikant Erfahrung am Management vu Projete souwéi an der Formatioun vu Mataarbechter an der Schafung vu PMOs fir déi strategesch Steuerung vu Projeten. Vill vun eise Spezialisten hunn erfollegräich hier eege Firme geleet oder C-Level Positiounen a bekannten internationale Firmen occupéiert.

Zudeem hunn ee puer vun eise Spezialisten Erfahrung an Opsiichtsréit a kënnen Iech beim Opbau vun dëse Strukturen ënnerstëtzen.